





Och dëst Joer war de Flyfishing Club aus Lëtzebuerg bei d' Céline an de Vincent gefuer fir um Domäne de Coyolles mat der Méck ze fëschchen. Bei wonnerbarem Fréijors Wieder hate mir eis Freides Moies de 24. Abrëll getraff fir bis Sonndes hei eng wonnerschéi Sortie ze erliewen. Bis op Coyolles sinn et vu Lëtzebuerg aus ongeféier 350 km ze fueren an duerfir bleiwe mir dann och ëmmer de ganze Weekend ewell esou kenne mir ouni Drock eis Passioun ausliewen zemoools wou een als Méckefescher dach besonnesch gären den Owessprong fëscht, dat ass dee Moment am Dag wou Alles zu Rou kennt wat mat onvergiessleche Stëmmunge verbonnen ass.



Mee loosse mir awer vu vir aus ufänken, mir sinn also Freides Moies ugetruede woubäi verschidde vun eise Fëscher sech schonn an der Nuecht op de Wee gemaach hate fir Moies direkt kennen ze fëschen. Déi meeschte Fëscher sinn awer esou géint hallwer zwielef ukomm genee pénktlech fir d' Mëttegiessen ewell beim Celine a beim Vincent bleiwen och wat d' Iessen ubelaangt keng Wënsch opstoen, zwar kritt een hei keng Stäreichen gebuede mee den zerwéierten hausgemaachte Kascht passt bei de Site ewéi d' Fauscht op d' A. Mir hunn eis natierlech bereetwëlleg vun Hinne verwinne gelooss mam feste Virsaz net direkt op d' Wo ze klamme wa mir erëm Doheem wären.





Mee och wat d' Fëscherei ubelaangt huet dëse Site esou munches ze bidden, nnewe de villen Reebou Forellen déi dëst Joer och nach mat villen décken Exemplairë vertruede ware kann een zu Coyolles och mat der Méck op den Hiecht fëschen a wann dat net schonn aussergewöhnlech genuch wär kann een dann och hei Black Bassen fänke wat ausser zu Coyolles net an eise Breedegrade méiglech ass. Hei huet sech dann och eis President erëm besonnesch ervir gedoe konnt Hien dach dat schéinsten Exemplar vun esou engem Black Bass fänken, mee och déi aner Fëscher konnten ee puer deier Fësch fänken och wann des vun der Gréisst hir net konnte mam Jeek sengem Black Bass mathalen.



Besonnenesch schéin ass et och ëmmer Moies wann de Niwwel nach iwwert dem Waasser läit, den Domäne de Coyolles läit wonnerbar fir sech ganz um Enn vun enger Gässel wou et net méi weidergeet an duerfir ass et och besonnenesch roueg op dëser Plaz. Neierdénks gehéiert och de Gite zum Domäne, dëse grenzt direkt un de Site un an ass mam Domäne verbonnen esou dass d'Fëscher iwwert eng kléng Bréck direkt dohinner kommen, domat bitt d'Céline an de Vincent elo d'Méiglechkeet fir eng Dose Leit un déi kennen um Site selwer iwwernuechten. Eis Sortie op Coyolles ass an de leschte Jore gutt ukomm bei eise Memberen dëst obschonns et Ufanks Iwwerzeegung gebraucht huet ewell eis Fëscher déi wäit Urees gescheit hu mee elo ass et net nëmmen eng gutt besichte Sortie Nee déi Fëscher wou un eise Sortien dohinner deelhuele sinn och Alleguerten der fester Meenung dass mir zu Coyolles net nëmme wëllkomm si mee och vun Ufank bis zum Schluss verwinnt gi sief dat kulinaresch oder natierlech och wat d'Méiglechkeet an deene seleschen Weieren a Kanäl ze fëschen. An ofschléissend well ech nach ernimmen dass de Vincent ee Feschergeschäft um Site bedreift wou een Alles ze kafe kritt wat esou ee Fescherhärz begiert, Jee et huet eis wierklech an deenen dräi Deeg un Näischt gefeelt a mir freeën eis elo schonn erëm dohinner zeréck ze kommen.



Eis nächst Sortie féiert eis elo Mëtt Mee an d'Vogesen op de Lac de la Moselotte zu Saulxures wou mir och wäerten erëm dräi Deeg verbréngen. Och dat gëtt mat Sécherheet erëm ee vun den Héichpunkten am eiser Feschersaison wann nëmmen d'Wieder matspillt mee zum Gléck kenne mir dat jo net beaflossen an duerfir wäerte mir ewéi ëmmer dat Bescht dorausser maachen



